

**Evangelium vun Allerhellgen [1. November] (Joer A - B - C)**

**Mt 5,1-12a**

G. *Den Här sief mat iech all.*

A. *An och mat lech.*

G. *Aus dem hellegen Evangelium nom Matthäus.*

A. *Dir all Éier, Här.*

- 1 Wéi de Jesus déi vill Leit gesinn huet, déi him nogaang sinn,  
ass hien de Bierg eropgaang.  
Hien huet sech gesat,  
an seng Jünger si bei hie komm.
- 2 Dunn huet hien ugefaang, si ze léieren,  
a sot:
- 3 "Glécklech déi, déi net vun sech ageholl sinn,  
well fir si ass d'Himmelräich.
- 4 Glécklech déi, déi traureg sinn,  
well si gi getréischt.
- 5 Glécklech déi, déi duuss sinn,  
well si ierwen d'Land.
- 6 Glécklech déi, déi Honger an Duuscht hunn no Gerechtegkeet,  
well si gi gesiedegt.
- 7 Glécklech déi, déi baarmhärzeg sinn,  
well si kréie Baarmhärzegkeet geschenkt.
- 8 Glécklech déi, déi e rengt Häerz hunn,  
well si kréien den Herrgott ze gesinn.
- 9 Glécklech déi, déi Fridde schafen,  
well si gi Kanner vum Herrgott genannt.
- 10 Glécklech déi, déi wéinst der Gerechtegkeet verfollegt ginn,  
well fir si ass d'Himmelräich.
- 11 Glécklech sidd dir, wann si iech wéinst menger  
Frechheete maachen,  
iech verfollegen  
an zu Onrecht allméiglech Béises iwwer iech soen.
- 12a Freet iech a jubiléiert,  
well äre Loun ass grouss am Himmel!"

- G. *Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.*  
A. *Dech, Christus, luewe mir.*

---

<sup>i</sup> *Wuertwiertlech: déi aarm sinn am Geescht.*